




# MORTS POUR LA PATRIE



NIC. WEIS  
Wolz, geb. de 4. 12. 1921



JEAN STEMPER  
Wolz, geb. de 26. 5. 1920



EUGENE STEMPER  
Wolz



RENE ZANTER  
gestuerwen den 10. Juni 1945 zu Eitelbreck  
20 Joer



JOS. BIRCHEM  
Wolz, geb. de 25. 1. 1921



JEAN BERCHEM  
von Olm, erschoss zu  
Frankfurt von de Preisen



MARCEL NILLES  
gefall bei Witebsk de 15. 1 1946

## „Verbattert Liewen“

Schweerst Zeiten huet d'Mënschhét hannert sech. Bal ké Land blo'w verscho'nt. Nach läng dauert et, bis emol gené Zuele bekannt gemäch kënne gin, wivill Do'deger a Verstëmmelter dese Krich kascht huet. A besonnesch fir Letzeburg ass et nach op längen Zeiten eng Säch der Onme'glechkét, eso' läng nach, bis Gewësshét bestét iwer d'Lo's vun all dénen Dausenden, de' elo nach vermësst sin. Ent stét awer fest, datt d'Zuel vun onse Mutile'erten erschreckend gro'ss ass. De' mëscht vun hinnen de' e Fo'ss, e Bén oder guer zwé verluer hun. komme scho matt prothésen, an am Tram, am Zuch an och am Duerchernen vum Verke'er, ass et hinne séle gleich unzegesin, vun engem lichte noze'e vum Bén ofgesin. datt et Invalide sin. Bege'ne s'e Bekannten, klappt dén hinnen och alt emol op d'Schëller oder get en d'Hand a sét: „Da gét et alt erem? Dat ass awer fei gängen! Kuck, et miéckt én der emol neischt un. We' ass et, gés de matt e Sonndeg eraus? Jong, de' an de' gin och matt, du duerfs net ze félen!“

Gewëss, et miéckt én engem Invalid, ob duerch Krich oder Accident, neischt me' direct of, hu s'eng prothés un, an duerfir licht et dann engem grueten mëschdens och guer net an, datt eso' e Jong net nés we' fre'er iwerall derbei an alles nés mattmäche sollt. Eso'er wësse ganz a guer net wat eigentlech „invalid“ richtig héscht. Et ass hinnen och wuel ganz gudd gemengt matt eso' Invitatio'nen, an hir bedauernswért Ko-

merode, sin hinnen och recht dankbar fir dé Beweis, datt se u si denken, mé we' we'h et dese Jongen awer och dét, wann s'a Gedankeschnellegt iwerleen: „Omei, si gi sécher e gro'ssen Tour spaze'eren, an da kanns du net mattgoen! An am Ament hues de och nach Remathissen, du hues oder de' kleng Entzündong oder wond Plaz de' beim Goen we'h dét! A wanns d'et och nach packs, duerno gin s'och nach bei Danzmusek, an do bass de jo iwerflësseg wanns de net mattmäche kanns! Nén! denkt dén ongléckleche Jong, du kanns net!“ ... an ... „We'ni gidd der dann? Dajé, da gin ech matt!“ sét en.

An erschreckt, wann en zo'gesot, wëss hié virof, wat en dann auszestoen huet. Mé en entschiddent „nén“, bréngé vill net iwer sech. Eso' e Jong wëllt nach emmer grad we' de' aner mâchen. Ufanks gét et och, an en ass glécklech, mattgoen ze kënne, we' fre'er, a grad we' de' aner matt gesunde Glidder. Mé d'réactio'n le'sst net läng op sech warden, an en ausgedénte spaze'ergank, en ustrengend se'er Goen, wat dénen aneren Erhuelong, Fréd an Amusement beedeit, get fir den armen Deiwel zur Qual. E muss oft op d'Zänn beissen, an ass awer verpflichtet, mattzelächen iwer e faule Witz, dén desen oder dé reisst, an duerf a wëllt net zum Spillverdiérwer gin, e wëllt de' aner net ste'eren an hirer Fréd an iwerhapt wëllt en och net weisen, watfir en erbärmlech Créatur en ass, — net duerch seng Schold! Wat konnt hién derfir, datt Granatsplitter

him d'Bén zerfléscht, datt en Auto him d'Bén zerquetscht?

Mé de' aner brauchen net ze wësse wat en hémlech leidd, wann én him och neischt ofgesit. Net nemme kïrperlech, nén, sei Léd sëtzt nach vill me' de'w!

A wann se vum Spaze'ergank dann zefridden hémzo' ze'en, a scho vu fëren beschwiérend Accordéonsweise lackelen, da get et kén zréck, en duerf sech net verdrécken, e muss matt bei den Amusement, bei Musek, Danz a Fréd, bei Spill a spre'end Gesellschaft. A während d'Komerode bal keng Zeit me' kre'en sech ze sätzen, verkreicht hié sech hannert den Dësch. En Humpé sabblege Be'er léscht em nach Gesellschaft. Matt gemëschte Gefiller a we'em Hërz kuckt en dann op d'Danzfläch, op de' erhëtzt a vu Liéwen durchpolzt Koppelen, an de Rythmus vum Walzer, vum Tango gét en an d'Bludd iwer, rost em duerch d'Oderen, firt em an d'Glidder, e wëllt mattmächen, e wëllt och we' de' aner e Médchen a seng Ärm huelen, mé... en traut sech net eraus! E ka jo net tanzen, vrum Krich war e nach ze jonk, elo ass e jo Krëppel...! E wëss net, fir ze tanzen, ob en sech emmer op sei Bén, seng Prothés, verlösse kann. Gewëss, e ge'w jo wuel e we'neg le'ere kënne, matt e we'neg Ausdauer, eng Hexerei wär et jo wuel kaum, mé... en traut sech net, an e schumt sech senger Onbeholféfhét. A wann och dat ént an anert le'wt Médchen a senger Gesellschaft ass, an et dem guddhërzege Kand léd dét, geseit et dén armen Deiwel eso'

geto'fft do sätzen, an et fuerdert en op mattzedanzen, direct ass e matt irgend enger Ausriéd bei Hand, dass e ganz a guer net danze kënnt, dass e kén Idee och hätt, iwerhapt him neischt dru le'g, dass et him haut och ze wärm derzo' wär, an och ze schlecht gelaunt fir ze probe'eren, e ge'ng och le'wer nokucken, etc. etc....!

An dobei dét e sech selwer we'h, we'h matt sengen égnen Ausriéden. Awer... awer e wëllt net anescht, e geseit d'Danzloscht am Médche sengen himmelbloen Ae glënnenen, spiért fërmlech, we' et scho beim nächsten Tour nés gère sech dronken iwer de' spiegelglat Fläch fe'ere wëllt lössen! „Du wärs en Egoist“, sét en sech, ge'ws de dém guddé Kand seng Fréd a sein Amusement verdiéren an et force'eren, sech matt dir onbehollefem Stéck Miwel ofzeme'en! „Nén“, sét den armen Deiwel sech, „du bass e Krëppel, du bass nemme me' en halwe Mënsch, du hues ké Recht, a wann och nemme fir fënné Minutten, e jongt, le'wt a liéwensfro't Wiésen un dech ze ze'en! Amuse'end' Gesellschaft, ass keng Plaz fir dech, du Cretin, du Krëppel!...“

P. S. Wat soen „ons Médercher“ zu deser Ménong, de' vill mutile'ert Jongen an hiren Hërzer droen a sech selwerdermatt d'Liéwe verbatteren?

B